

# VV TOOLTIME PREIZERDAUL

FSC L

3, Arelerstrooss

L-8003 STROOSSEN

Kalennerkongress

**Proposition fir dass d' Commission des Jurys an Zukunft Coursé mat Commissairë besetzt.**

Begrënnung: Et gëtt fir d'Veräiner ëmmer méi schwéier, Commissairen ze fannen, déi op Coursé kommen. U komplett an *à jour* Lëschten ze kommen ass fir d'Veräiner ganz zäitopwendig, genee sou, wéi wa Leit sech kuerzfristig neess oofmelden. (esou geschitt de 6.5. 2019 fir eng Course den 12.5.2019, nodeems schons den 2.2.2019 den accord gi war). Et ass dann de Veräin, den am Rapport vun der Juryscommissioun dra steet, wann de Jury *incomplet* ass. (Rapport vum 20.5.2019). Lëschte mat vereelsten Emailadressen hëllef kengem wieder, ma gi just den Androck, dass d'Leit net op Emailen äntweren.

A kenger anerer Federatioun sicht den Organisateur och nach d'Arbitteren eraus. Wann da Kommissäre sech e puer Mol oofgemellt hun, misste si (aus Mangel an Interesse) vun der Lescht gestrach gin. Wee sech als Kommissär ouni treftige Grond weigert, op eng Course ze goen, dee weist jo kloer, dass e keen Intressi hott. Wann e Familjemember als Coureur matfiert, ass daat natierlich e Grond, fir net als Kommissär op der Course ze sin.

Desweideren hätt d'Juryscommissioun dee Virdeel, dass och emol Commissairen drukéimen, déi bis elo net weider gefrot gi sin. Da sinn och net ëmmer déi selwecht drun, an déi kréien dann och net esou séier d'Flemm. Et kéim dann och net méi viir, dass Commissairen, déi vun engem Organisateur gefrot goufen, op der Course gesot kréien, et bräicht ee se net, et wieren der genuch do. (Course vum VC Schengen 2018). Den Dateschutz gëtt éischer respektéiert, wa just eng Persoun di Daten huet, wéi wa se un all Veräin weidergi gin.

D'Juryscommissioun huet den Iwerbléck, wen alles Commissaire ass, an dofir géif et de Veräiner ganz vill hëllef, wa si d'Commissairë selwer géif froen.

*pour le comité*



# VV TOOLTIME PREIZERDAUL